

Geschicht vum klenge Stár

nom Buch: "Der kleine Stern" vum Masahiro Kasuya, Wittig Verlag

Iwersetzung an Instrumenter: Simone Pletschette

An enger Wanternuecht as eppes Besonesches geschitt.

D'Stären hun op eemol ganz hell geliicht a si hu gesongen:

«D'Chrëschtkënnchen as op d'Welt komm, an engem Stall zu Bethlehem. Mir gin dës gudd Noriicht denen aneren all verzielen!»

E Schof héiert, wéi e grousse Stár des gudd Noriicht séngt.

Wéi am Dram geet et dem Stár no.

D'Schof mierkt net, dass no bäi och e klenge Stár ganz lues déi gudd Noriicht séngt.

Een Hunn héiert d'Noriicht vun engem blénkege Stár. Mat engem monterem «Kikeriki» geet en dem Stár no.

Och den Hunn gesäit de klenge Stár net.

E géldege Stár séngt dem Stéier déi gudd Noriicht. Mat kräftege Schrëtt trëppelt en dem Stár no.


Och de Stéier gesäit de klenge Stár net.

En Iesel héiert en helle Stár déi gudd Noriicht sangen. Voller Freed geet hien em no.







Awer och den Iesel erkennt de klenge Stár net.

D'Schof, den Hunn, de Stéier an den Iesel trëpplen all de Stäre no bis bei de Stall an deem d'Chrëschtkënnchen op d'Welt komm as.



Jhust de klenge Stár kënnt denen anere Stäre net sou séier no.



vun de Stären all zesumme geschwat.




all d'Déieren-Instrumenter




all d'Stären-Instrumenter

De klenge Stár as traureg gin, well hie wollt jo och de Wee bis bei d'Chrëschtkënnchen weisen, genau wéi di aner Stären och.



Op eemol héiert en eng lues Stëmm.

Eng kleng Blumm seet zu him:




(Cymbeln)


«Wann ech gelift, léiwe Stár, huel mäin Doft a mäi Liicht mat bäi d'Chrëschtkënnchen.»

d' Blumm erzielt den Text

Lo mécht de klenge Stár sech schnell op de Wee an de Stall, fir dem Chrëschtkënnchen d'Liicht an den Doft vun der klenger Blumm ze bréngen.




Am Stall sti schon d'Déieren: d'Schof, den Hunn, de Stéier an den Iesel. Si kucken dat neigebuerent Chrëschtkënnchen un a si fréë sech.




all d'Déieren-Instrumenter

Wéi de klenge Stár an de Stall kënnt an dem Chrëschtkënnchen d'Liicht an den Doft vun der klenger Blumm bréngt, laacht d'Chrëschtkënnchen. Et gët hell, ëmmer méi hell, am Stall an och op der ganzer Aerd.



De klenge Stár an di kleng Blumm sin allenzwee ganz glécklëch. Well vu lo un heesche si Chrëschtdagsstär a Chrëschtdagsrous



Bemierkungen:

Des Geschicht kann een och ganz gutt mat engem grousse Kannergrupp spillen: déi eng Kanner spille pantomimesch d'Déieren, d'Stären an d'Chrëschtdagsrous, déi aner sin den Orchester, an der Rescht vun de Kanner erzielen d'Geschicht. Fir sou eng grous Opféierung kann ee mat de Kanner Masken fir d'Déieren an déi verschidde Stären (z. B. als Kapp-Schmuck) bastlen. Wann ee net sou vill Kanner huet, erzielt jhust ee Kand, déi aner spillen d'Instrumenter.

Natiirlech kann een och aner Instrumenter huelen, oder der e puer ewechloossen - z.B. jhust d'Stäre vun Instrumenter spille loossen, fir d'Vertounung ze vereinfachen. Op jhilde Fall lount et sech, besonnesch bei klenger Kanner, hinnen d'Buch mat de Biller ze erzielen.